
# MIR SINN ANTIGASPI,
# AN DIR?




## INDIVIDUELL CHALLENGEN

**Wësst Dir, wéi vill Liewensmëttel am Duerchschnëtt pro Persoun a pro Joer zu Lëtzebuerg ewechgeheit ginn?**
Wat mengt Dir, wou dat meescht Iessen ewechgeheit gëtt?
An der Produktioun, an der Restauratioun, am Handel oder an den Haushalter?

Am Kader vum Projet „Mir sinn Antigaspi, an Dir?" wäerten Är Kanner verschidden „Challengen" maachen. D'Zil vum Projet ass et, d'Kanner iwwer Liewensmëttelverschwendung a lokaalt souwéi biologescht Iessen ze sensibiliséieren. D'Kanner maache lëschteg a kreativ Aktivitéiten, déi méi nohalteg an ëmweltfrëndlech Praxisse promouvéieren.

**Féiert d'Sensibilisatioun doheem weider!**
A wéi mécht een dat? Ma andeems Dir déi individuell Challengë mat Äre Kanner doheem ëmsetzt. Natierlech kënnt Dir an Äert Kand och matmaachen, wann et net an der Maison Relais ageschriwwen ass.

**Hei fannt Dir all d'Informatioune fir matzemaachen:**





Den ........................................................................................ fënnt en Optakt-Evenement statt, fir Iech, den Elteren, de Projet am Detail ze erklären.

Um Programm vun dësem Event fannt Dir Erklärungen zum Projet, eppes Kléngs z'iessen, a virun allem e gesellege Moment fir sech ze treffen an auszetauschen. Mir géifen eis freeën, vill vun Iech op dëser Versammlung ze gesinn, fir Är Kanner fir eng méi nohalteg Zukunft ze engagéieren.

Fir eng gutt Organisatioun a fir Liewensmëttelverschwendung ze evitéieren, géife mir Iech bieden, Iech wgl. unzemellen, bis spéitstens den ..........................................................................

Email:.............................................................. Telefon:..............................................................

D'Team vun der Maison Relais zesumme mat

IMS LUXEMBOURG
Inspiring More Sustainability

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture

Anti gaspi